



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,
AFFILIÉE A LA FÉDÉRATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

1

Rapport vun der Sitzung vum 24. Juni 2019

Présents : MM: JUNGELS Henri, DIDIER Lucien, GILLES Joël, JUNGBLUTH Fredy, BERGER Arsène, SPAUTZ Richard, MORANG Misch, TREIS Laurent.
Mme MORIS Laurence

Excusés: HEIDERSCHIED Dan, KEISER Claude,

Well mir nach ee ganze Koup Wirschterscher vum leschten Grill-Weekend beim Cactus zu Käerjeng iwwreg haten huet de Fredy proposéiert, fir säi Freezer erëm eidel ze kréien, eis Réunioun op sénger Terrasse um Schlass zu Hesper ofzehalen an hie géif dann do grillen. Mir soen him a sénger Fra nodréiglech nach eng Kéier villmools Merci fir dee flotten Owend op hierer Terrasse.

1. Circulaire LBR.

- Ee spezielle Questionnaire muss ausgefüllt gin a bis zum 15. August muss all A.S.B.L. deen ageschéckt hun. De Sekretär an den Trésorier sollen dat zesumme maachen.

2. Débriefing vun eisem Course Weekend den 18. A 19. Mee.

- Op eisen Opruf un ons Sponsoren fir als VIP deen een oder aneren Tour mat op eiser Haaptcourse matzefuen hat kee sech gemellt.
- Iergendwéi wär eis Dippecher Voiture Neutre net am Asaaz gewiescht. Et waren der awer 2 op menger Lëscht opgezielt an zwar an der Course Classe 1 Moies: 1 mam Arsène Berger als Chauffeur an eventuell de Sven Bosseler als Mécano an als 2. Neutrale Woon war et den LC Téiteng mam Marco Lux a sengem Mécano.
- Verschidde Sponsoren hun nach net bis dato bezuelt.
- Fritte goufe Sonndes bal keng verkaaft. Ierzebulli as och nach vill stoe bliwwen.
- MAXX Time huet schlussendlech no Revisioun 3.600,00€ kascht mat den Dossardën an de Kaderplaken.
- KÖLNTON huet 4.000,00€ kascht.
- D'Iwwerruechtung vun 3 Leit (MAXXTime) an 1 KÖLNTON an den UCI Kommissär (Jacky Tarenne) an der Béierhaascht si vum Klub bezuelt gin.

3. National Championnater am CLM an op der Strooss

- D'Laurence Moris bekëmmert séch ëm d'Chauffeuren an Mécanicienën.
- Sonndes fiert den Dan Heiderscheid mam Deceuninks Auto hannert dem Bob.
- D'Laurence Moris schéckt mir ee Plang wou mir eis Freides um Plateau uewen nom Col de l'Europe zu Nidderkuer, a Samschdes a Sonndes zu Zolwer treffen.
- **Freides** treffe mir eis um **Parking** uewen um Plateau a **Richtung „train 1900“** wou et eroff op de Fonds de Gras geet ëm **13:30 Auer**. De Sekretär kann deen Dag net dosin well hien dann zu Mannheim as bis Owes.

- **Samschdes** treffe mir eis **12:00 Auer** zu Zolver, viraussichtlech um Parking Scheierhaff. D'Laurence waart nach op een OK vum Misch Morang a schéckt dann de Plang wou mir eis wierklech déi 2 Deeg wäerten treffen.
- **Sonndes** treffe mir eis em **7:00 Auer** (Départ Junioren ëm 9:00 Auer).

4. Challenge de l'Everest mam Glen Leven zesumme mat der Assosiation „Wonschkutsch“.

- De 14. September fiert de Glen de Bourschender erop, esoulaang bis hien de Sommet vun 8.846 Meter (Héicht déi traditionnel, ënner versschidden anerer, unerkannt as) erreecht huet. Hie fiert den CR 308 erop an erof an dann nach 200 Meter iwver den CR 348. Wann hien de virtuelle Sommet erreecht huet as hien eng Streck vun 250 km gefuer. Hie mengt et bräicht keng Strooss gespaart ze gin well hie praktesch eleng do während 14 Stonne fiert (vu 6 bis 20 Auer). Eventuell kënten eng 10 Cyclisten hien do, deelweis, begleeden an et kéinten der och puer Leit am Bierg stoen fir hien unzefeieren. D'Wonschkutsch mengt et misst awer an enger Richtung gespaart gin, mee de Glen mengt et géif duer goen fir Schëlde opzestellen „Attention manifestation sportive ou cycliste“. De Sekretär schreift d'Gemeng, d'Ponts et Chaussées an d'Police un.

5. Sponsorsiessen an der Béierhaascht.

- Eise Praeses, den Henri Jungels, freet no op den Datum vum 19. September dem Restaurant géif goen. Da géife mir de wichtigsten Sponsoren ee Bréif maachen „Save The Date“. Rendez-vous fir den Apéro wäer dann ab 19:30 Auer.
- Den Dan heiderscheid an de Claude Keiser sollen eng Lëscht vun de Chauffeuren an de Signaleuren maachen. An der nächster Sitzung géife mir décidéieren wie vun deene Leit dann op d'lessen invitéiert géif gin. Den Heng géif och seng Lëscht maachen mat de Leit vum Catering a Billjeeë verkaafen. D'Lëscht vun de Leit déi am Büro gehollef hun, asw., huet de Sekretär.

6. Grill-Weekend zu Käerjeng am CACTUS.

- Et gétt drop opmierksam gemaach, datt eise Weekend zu Käerjeng de 27. an 28. September as. Do brauche mir och Leit fir déi 2 Deeg. Et misst virdrun eng Lëscht gemaach gin wat mir am September 2018 am CACTUS verkaaft hun fir net nach eng Kéier ze vill ze bestellen. De Responsabelen beim Grill kritt déi Lëscht. De Pierre wäert jo erem beim Waafelbaken dobäi sin an do misste mir och wëssen wat d'lescht Joer verkaaft a verbraucht gouf.

7. Neie Bréifpabeier.

- Eis Entête bleift nach déi selwecht, mee et geet drëm fir d'Sponsore besser kënnen ze présentéieren. De Komitee huet séch entscheed fir eis Sponsoren vertikal op de lenke Rand ze setzen.

8. Indoor Cycling.

- Eisen Indoor Cycling as dëst Joer de 16. November vu 16:00 bis 20:00 Auer, wéi bis elo nach ëmmer zu Miersch an der Sportshall.
- Als Hauptcoureuren fueren de Bob Jungels, d'Chantal Hoffmann, den Alex Kirsch an den Tom Wirtgen uewen op der Bühn. Fir déi leschte Stonn fueren de Luc Wirtgen, de Michel Ries an de Colin Heiderscheid. An der nächster Réunioun gétt iwver hiere Primen ofgestëmmt.
- D'Aschreiwunge fir d'Vëloën, et gin nëmme méi Einzelvëloë ugebueden an d'Aschreiwung geet OnLine direkt mat dem Vëlo dee fir de Kandidat reservéiert gouf. De Sport50 géif gären eng Testphase maachen fir sécher ze sin datt dat och klappt. De Komitee a verschieden aner Leit géifen opgeruff fir do matzemaachen an een Obolus ze bezuelen, deen de Klub, jidderengem deen den Test matgemaach huet, erem bezillt.
- De Präis vir d'Aschreiwung fir den Einzelvëlo (dee kéint awer vu verschidde Leit profitéiert gin) kascht 50,00€. Dann as ee Velo reservéiert dee vum Computer ausgewielt gouf. Fir eis Sponsoren a VIP gi vum Klub aus Vëloën sélektionnéiert.

9. Divers.

- Déi zwee Ubidder vu Vëlosgezei déi net vun eis Selektionnéiert goufen kréien ee Bréif datt sie, nodeems mir déi verschidde Kleeder ugekuckt hun, an no eise Kritären ënnersicht hun, sin déi 2 Ubidder A-Sport a G-Skin net zrëck behale gin. Fir de Kandidaten dat matzuedeelen muss de Sekretär déi genau Adress hun an den Datum an d'Nummer vun hierer Offer hun.

Ëm 22:25 Auer war d'Réunioun fäerdeg.

Eis nächste Sitzung as ee

3

Méindeg, 29. Juli em 19 :00 Auer zu Dippech.

Richard Spautz
Secrétaire

Dagesordnung vum 29 Juli 19:00 Auer.

1. Courrier.
 - a. D'Demande vum Umweltministerium fir eise Cross.
 - b. D'Demande fir eise Cross am Oktober bei der Police an der Gemeng.
 - c. D'Demande fir dem Glen säin Everest Challenge (Police, Gemeng a P&Ch).
 - d. Ofso fir eis nei Uniformen beim Asport an G-Skin.
 - e. Demande fir de Subside extraordinaire un d'Gemeng Dippech (5.000,00€).
2. Aktuell Sponsorskontrakter. Wéi gesin déi aus ?. Wéini laafen se aus?
3. Présentatioun vun eisem neie Bréifpabeier.
4. Ersetzen vun eiser Camionnette an eisem Kombi fir 2020.
5. Bestellung vun eisen Uniformen beim der Maison Vermarc.
6. Nei Kandidatur fir d'Präsidentschaft vum Dippecher Veräin.
7. Préparatioun fir d'Sponsorsiessen (den 20. September em 19:30 Auer an der Béierhaascht).
8. Cyclocross am Oktober.
9. Eis Coursen am Mee 2020. Soubal am Ufank September den UCI Kalenner feststeet, huele mir ee Rendez-vous mat der Gemeng, der Police an de Ponts et Chaussées well op der N15 tëschend Duelem a Garnech de Kanal nei verluecht gött. (As sscho mam Responsablen vu P&Ch ofgeschwat).
10. Championnater am Cyclocross zu Miersch am Januar 2020. D'Autorisatioun vun der Ëmweltverwaltung muss 3 Méint am viraus an der Gemeng Miersch am Reider hänken.
11. Indoorcycling de 16. November zu Miersch. Do muss och eng Permission de Voirie ugefroot gin wéint eise Publicitéitschëlde laanscht 3 Staatsstroosen Richtung Miersch.
12. Divers.
 - a. Eventuelle neie Sekretär?